

## Tour de France 2012

# „Clever verschleierte Chauvinismus“

Wéi huet Lëtzebuerg iwwert d'Vëloscourse mam skandaléisen Doppingfall diskutéiert? Eng Analys vun der Struktur an dem Contenu vun de Lieser-Commentairen op RTL.lu

Luc Belling

*Alfred Mathias: :-((((....., sinn immens traureg.<sup>1</sup>*

Luc Marteling

*kada: An elo ??????????????????*

*jerseystar: Fir een vun den Schleckken ass dësen Tour nawell zimlech positiv verlaaf.*

*Ram Bo: Eh oui .....*

*alfaroro: Wéi dann och aanescht*

*Jang: Ach Du sch....*

*Professor Mega: Nondikass !!!*

*Pier: Loosse mir daat Ganzt einfach ignoréieren. Hei zu Letzebuerg gëtt souwisou alles ënnert den Teppich gekehrt. Dee besten „Doper“ soll gewinnen.*

Deen Éischte vun dëse Commentairen ass den 20. Juli 2012 ëm 16h31 op RTL.lu online gaangen, dee leschten ëm 16h40. An domat war nach laang net Schluss! Op deem Dag koum nämlech d'Confirmatioun, datt och d'B-Prouf vum Fränk Schleck positiv war: „Gëtt aus Doppingfall ee Kriminalfall?“ war den Titel vum Artikel, deen et bis op 139 Commentaire bruecht huet.

Domat huet hien et trotzdem just op d'Plaz zwee vun de meeschkomentéierten Tour-de-France-Artikelen 2012 bruecht. Wäit ofgeschloen hannert dem Artikel mat där Schock-Nouvelle schlechthin:

„Cyclissem: Fränk Schleck positiv, Tour de France negativ“ (17.07.2012, 20:56) gouf net manner ewéi 476 Mol kommentéiert – Comments, déi den Artikel sech iwwregens mat nach engem zweeten deelt: Ënnert „Andy Schleck: Iwwerzeegt, datt mäi Bruder onschëlleg ass“ (18.07.2012, 11:13) goufe si duplizéiert.

### 24 Artikele mat 1 257 Commentairen

De Cyclissem huet eng ganz laang Traditioun zu Lëtzebuerg a besonnesch beim Tour de France goufen an de leschte Joren e puer remarquabel nei Kapitele vun dëser Geschicht geschriwwen. Fréier wier doriwwer an de Caféen diskutéiert an debattéiert, philosophéiert a gestridde ginn. Ma wéi ass dat haut? Natierlech gehéiert de Vëlosport nach ëmmer op all Stammdësch, ma nieft deenen an de Bistroe ginn et méttlerweil jo och déi virtuell Stamineten ...

Eist Uleies war et z'ënnersichen, wéi den Tour 2012 vun de Leit opgeholl a mat Hëllef vun der Commentairefunctioun op RTL.lu thematiséiert gouf: Wat ass den Inhalt vun de Message? A wourop bezéie

---

**„De roude Leiw wärt sech lues a lues uschleichen vir zum Schluss onbarmhärteg an éficasse an onwiederstehlech zou ze schloen.“**

---

---

De Luc Belling ass Chercheur en formation doctorale am Beräich vun der Internetlinguistik am Laboratoire de linguistique et de littéraires luxembourgeoises vun der Uni Lëtzebuerg. De Luc Marteling ass Journalist a Chefredakter vun RTL.lu. Dësen Artikel ass de Condensé vun enger gemeinsamer Aarbecht am Kader vun der Formation continue „Lëtzebuerg Sprooch a Kultur“, déi am Module „Kultur/Literatur/Medien“ beim Jeff Baden geschriwwen gouf.

si sech? Dategrondlag ware sämtlech verëffentlecht Commentairen iwwer den TDF 2012 (30. Juni-22. Juli): déi ënnert den 21 Artikelen iwwer de Prolog an déi 20 Etappen, déi ënnert der Nouvelle vun der Doppingaffär vum Fränk Schleck an der Reaktioun vu sengem Brudder Andy an déi ënnert dem Artikel iwwer déi positiv B-Prouf. Déi 1 257 Commentaire vum dese 24 Baiträg goufen eenzel unhand vun enger Inhaltsanalys ausgewäert a kategoriséiert:

– Den Interessi un der Etapp gouf mat Hëllef vun der Gesamtzuel un publizéierte Commentaire gemooss.

– A bei all Commentaire gouf ënnerscheet, ob en en direkte Baitrag zur Etapp (also zum Artikel) duerstelt oder sech op en anere Commentaire bezitt a soumat Deel vun enger interaktionaler Diskussiounsstruktur ass. (Bei verschiddenen huet een dobäi mussen op Tendenz goen, well béid Formen am Commentaire virkomm sinn.)

Déi quantitativ Grafik verdäitlecht déi zwee „Ausräiser“: den Doppingkandal mat insgesamt 476 Commentairen an de Bericht iwwer déi positiv B-Prouf mat 139 Commentairen. Den Interessi vun de Leit war virun allem bei den zwee aussergewöhnlechen Evenementer vum Tour immens héich. D’Courbe vun der Zuel vun de Messagë weist och, dass

d’Commentaire ganz staark vun der Dagesaktualitéit am Tour, vum Streckeprofil, virun allem awer vum Fränk Schleck senger Performance an där vu senger Equipe ofhänken. Op grouse Lieser-Echo stousen zum Beispill dem Fränk Schleck seng Chute (6. Etapp) a seng Schwächt am Zäitfueren (9. Etapp):

„[...] Et get en Super TDF fir den Fränk an dei ganz Equipe. De roude Leiw wäert sech lues a lues uschleichen vir zum Schluss onbarmhertzeg an efficace an onwiderstehlech zou ze schloen.“


„Waat ass daat een Tröllert! Sou gewonnen mir och dest Joer nees net!“

„Heen ass zwaer een Tröllert, mee heen ass EISEN Tröllert!“

An de Commentairen ass de Sujet Dopping vun Ufank u latent omnipräsent, genee esou wéi eng gewësse Skepsis géintiwuer dem Fränk Schleck senger Chance op de giele Maillot:

„T’ass färdeg, den Tour ass doud! Dat Eenzegt wat elo nach kann hëllef, si Beweiser dass d’Fuehrer alleguer ausser dem Mondorfer gedopt sin a retroaktiv mussen bis an d’Mittelalter zeréck gespoart gin. Leit wie Elbow, Steve, Arist etc hun bestëmmt doheem en Poster


Unzuel u Commentaire bei dem Tour de France 2012



D’Grafik verdäitlecht d’Verdeelung vun de Commentaire während dem Tour. Datt heibäi den Interessi am Land immens héich war an deementspreechend och vill kommentéiert gouf, ass och enger Persoun beim Doppingkandal opgefall:

„Wat ass dat Ganzt esou lächerlech! Wéi den 3.10.2011 als Headline d’Nouvelle koum, dass e gebiertege Letzebuerger, nämlech

den Här Jules Hoffmann de Nobelpräis an der Medezin kritt, hu ganzer 18!!!! Leit e Commentaire ofginn. HEI, bei enger TOTAL, fir d’Menschheet jiddefalls, onwichteger Nouvelle kacht (bis elo) 334 Leit hire „Volkszorn“ a Form vu méi oder wéineger blöde Baitreeg! Aremt Land, wou d’Leeschung vun de Féiss méi héich geschat gett wéi d’Leeschung vum Kapp!“



*hänken, wou drop steet: WIR SIND MONDORF ! WIR SIND SCHLECK ! :-))) Wie gesot, dat Ganzt ass esou lächerlech gin, den Tour ass doud, de Velo ass um Enn.“*

*„Also vir all déi, déi d'Schlecken ubieden: Wann déi Fuehrer virum Schleck all wéinst Doping gespoart gin, da gewënnt ären Jengi den TdF 2012! Also, d'Hoffnung nët opgin.“*

*„Am Fränk senger Plats géif ech mech fir d'Chamberwalen 2014 opsetzen: da bräicht ech nët 5 Joer ze waarden fir de Bengel(Velo) bei d'Tromme( an d'Wiss) ze geheien.“*

Da platz op eemol d'Dopping-Bomm, déi massiivt kommentéiert gëtt, ma duerno schéngt den Interessi um Tour op ee Schlag fort ze sinn: D'Etappe 15 bis 20 ginn net méi vill kommentéiert. Et gouf awer och notéiert a kritiséiert, datt den Tour un „Stralkraaft“ iwwert de Vélosport eraus op ganz Lëtzebuerg verluer huet:

*„Daat wor effectif dei lescht etappe vou ech gekuckt hun.Ett as nett mei interessant. ech kucke leiwer dei asi sendungen beim deutschen rtl, do kann een weinestens nach laachen.“*

*„Wo sinn dann elo al die letzebuenger vélospassioneierten? Dir kuckt jo och d'WM an d'EM ohni dass eng Lux-connection neideg ass, an den F1 wär och nawohl populär virun Lopech & co. gët den TdF elo boycoteiert?“*

Ouni weider op de Contenu vun de Messagen anzegoen, léisst hir Zuel ewell dës Konklusioon zou: Tour-Evenementer, déi en direkten Zesammenhank

mam Fränk Schleck haten, hunn déi meeschte Commentairen ervirbruecht. Et schéngt de Lieser also net an éischter Linn ëm d'Sportevenement u sech gaangen ze sinn ...

### Course an Diskurs

Inhaltlech gouf all Lieser-Bäitrag an eng Kategorie klasséiert: entweder bezitt e sech op den RTL-Artikel, also an éischter op de Verlaf an den Ausgang vun enger Etapp, oder e befasst sech mat engem anere Commentaire, dat heescht et besteet eng Interaktioun tëscht zwou oder méi Persounen, déi net méi forcément eppes mam eigentlechen Artikel ze dinn huet.

Wat dee kruzialen Ament vum TDF 2012 aus Lëtzebuenger Siicht ugeet: Déi 16. a 17. Etapp sinn an hire Commentairen nach ganz kloer gezeechent vum Doppingskandal, deen no der 15. Etapp ëffentlech gemaach gouf. Dat léisst sech gutt dorun erkennen, datt déi meescht Commentaire sech net méi op den eigentleche Sport, mä nach ëmmer op dem Fränk Schleck seng positiv Prouf bezéien. Nodeems no der 17. Etapp d'Bestätegung online gong, datt och d'B-Prouf positiv war, huet sech dat och an de Commentairen erëmgespigel. Dobäi gongen d'Meenunge vun de Leit zu der Affär vun encourageant iwwer ironesch bis hin zu resignéiert:

*„Allez Frank los dech net enner kreiien als goude Grimpeur kenn's de rem ous dem Lach rous.“*

*„Bei engem Humpen aan enger Drepp wir bestemmt nit vill geschitt!!!!Awer dei Bouneschlupp!!!“*

*„Ma Bravo.....“*

---

**„Heen ass zwaer een Trëllert, mee heen ass EISEN Trëllert !“**

---

Wat déi kommunikativ Funktioun vu Commentairen ugeet, ka festgestallt ginn, dass Diskussiounen tëscht verschiddenen Notzer keng Seelenheet a mëttlerweil zur fester Kommunikatiounsstruktur vun Online-Debaten ze ziele sinn. D'RTL.lu-Plattform gëtt also net nëmme benotzt, fir e Statement zu engem an engem Artikel relatéierte Fait ofzeginn, ma si erméiglecht en Meenungsaustausch tëscht den Notzer. Effektiv ginn d'Online-Commentairen zu Artikelen net méi eleng als Reaktionsplattform vum breede Public genotzt, mä et ass och eng nei Form vu Kommunikationsforum entstanen, wou duerchaus thematesch Ofschweifungen entstoen an an Chatsequenzen iwwergoe kënnen:

*„Sidd dir hei iwwerhaupt nach letzeboier? Etes-vous des Luxembourgeois? You are from Luxembourg? Ech fannen dat mam Fränk net Penibel, mee är Commentairen, gell @Irene, gi mer muer Velo fueren, dann gesinn mer jo ops de dech därfs iwwer Sportler äusseren!“*

*„@Christiane . mech mecht béis, wann een als LETZEBOIER géint déi mat den Letzeboier Faarwen ass, an se schon verdächtecht ier iwwerhat eppes Versächtejes fonnt gin ass . Mir sollen als Letzeboier zum Frank haalen, déi aaner sollen sech einfach roubech haalen. Et héiert een schon jorenlang Leit soen déi do giffen net nemen mat Zockerwasser fueren, waat ech perséinlech vir ze katzen fannen, well daat meehtens Leit sin déi 1. guer net sportlech sin, 2. sech net am Sport auskennen an sech och net dafir intresséieren, 3. jalous op hier Suen sin.“*

An et ass wéi esou dacks bei subjektive Statementer: Jiddereen huet seng eege Vue an esou huet sech och bei der Auswärtung vun dësen Donnéeën erginn, dass e gewëssent Gläichgewicht tëscht Zoustëmmung an Ofleennung besteet. Déi grouss Trennlinn verleeft tëscht pro a kontra Schleck.

Thematiséiert gëtt an deem Kontext och ëmmer nees den Impakt vum Sportler op d'Lëtzebuurger Gesellschaft, wat dann och zu – an der Regel kriteschen, ironeschen, defätisteschen oder sarkasteschen – Aussoen iwwer Land a Leit féiert:

*„Wann dem Armstrong an de nächste Méint oder Joeren eng oder e puer Victoire vum TdF wechgeholl sollte gin, da jätzen hei op dësem Site erëm déi selwecht Leit Bravo, déi haut de Fränk Schleck hei verteidegen. A wann de Contador virun engem Joer erzielt hätt dass hien bei e Gynäkolog geet fir säin Trainingsprogramm ze verfeinieren a vun engem vergëfene Biffdeck geschwat hätt, dann hätten dem Fränk seng Supporter sech de Bauch ugehal vu laachen. Waat hei leeft as nächst Aneschters wéi clever verschleierten Chauwinismus – an déi Betreffen sin sech dees wuel mol gréissten-*

*deels iwerhaupt net bewosst. Entweder hun ech Versteedemech fir Doper, oder net. Jiddereen därf jo denke wéi e wëllt. Mee et soll een se all d'selwecht behandelen. A net duerno kucken, wéi eng Nationalfaarwen um Trikot drop sin.“*

*„Kee Wönnner, dass et hei am Land driwwer an drënner geet. Leit déi un dem Schleck seng Onschold gleewen, gleewen och un dem Finck seng Dreem an déi aner Topeschkeeten déi mer erzielt kréien. [...]“*

Dës intern Diskussiounen ënnerscheede sech an hirem Wiese vun de Bäitrag zu den Etappen: Louch virdrun de Fokus op der Course am Allgemengen an un de Lëtzebuurger Resultater am Speziellen, esou schéngt hei déi perséinlech Meenung entscheidend ze sinn. An op en Neits weist sech: Esou wéi sech d'Clienten am Café net virschreiw loosse, wou riwwer si wéi schwätzen, esou kann een och net diktéieren, wéi User mat neie Kommunikatiounsmittel a -formen ëmzegoen hunn: Och dat ass eng Form vu Meenungsfräiheet, wann och eng mat engem Janusgesicht. ♦

1 D'Commentairë ginn hei esou zeréckginn, wéi si op RTL.lu online gongen, also ouni Korrektur vun der Rechtschreiwung.

## Chronologie

### 30. Juni 2012

Prolog vum Tour de France 2012

### 14. Juli 2012

Fränk Schleck gëtt positiv getest

### 17. Juli 2012

Positiven Test gëtt public

### 20. Juli 2012

Och d'B-Pruf ass positiv

### 22. Juli 2012

Den Tour op de Champs Élysées

### 30. Januar 2013

Fränk Schleck réckwierkend op 14. Juli 2012 fir 1 Joer gespaart

### 29. Juni – 21. Juli 2013

Bei der 100. Editioun vum Tour de France ass de Fränk Schleck net derbäi.